*Et gëllt dat geschwatent Wuert*

**Fête nationale 2026**

**Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg**

**Discours du Premier ministre Luc Frieden**

Altesses Royales,
Excellences,
Här Chamberpresident,
Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

All Nationalfeierdag ass speziell.

Ma haut ass den éischten Nationalfeierdag zu Éiere vum Grand-Duc Guillaume.

Monseigneur,

Virun zwee Joer sot Äre Papp op dëser Plaz, dass Hien un déi nächst Generatioun gleeft.

An den éischten 9 Méint als Grand-Duc hutt Dir, Monseigneur, dem ganze Land gewisen, dass de Grand-Duc Henri net just als stolze Papp geschwat huet.

Dir waart, zesumme mat der Grande-Duchesse Stéphanie, an allen Ecke vun eisem Land.

A Gemengen uechtert d'Land hutt Dir mat Grouss a Kleng geschwat, a Mënsche kenne geléiert, déi duerch hiren Engagement eisem Land Liewe ginn.

Altesses Royales,

Merci fir Är Präsenz an Ären Interêt fir all d'Leit déi an eisem Land wunnen.

Als Premierminister hunn ech och d'Chance, fir villen ënnerschiddleche Mënschen ze begéinen:

Fräiwëlleger, déi sech fir anerer asetzen.

Jonker, déi sech fir d'Zukunft engagéieren.

Nei Polizisten, Zaldoten a Pompjeeën, déi sech op hiren Déngscht fir d'Gemeinschaft virbereeden.

Entrepreneuren an Handwierker, déi e Betrib opbauen an Aarbechtsplaze schafen.

Familljen, fir déi Lëtzebuerg schonn ëmmer Doheem war.

An anerer, déi et eréischt viru kuerzem zu hirem Doheem gemaach hunn.

All eenzele vun deene Momenter, all eenzel vun deene Rencontere war anescht.

An awer hu si mir ëmmer erëm dat selwecht gewisen.

Wat Lëtzebuerg ausmécht, sinn d’Mënschen.

Nationalfeierdag ass e Moment, fir op eist Land ze kucken.

Mee dat Land definéiert sech iwwert seng Leit.

Dofir ass Nationalfeierdag e Moment fir op dat ze kucken, dat eis verbënnt, dat eis staark mécht, an eis duerch d’Zäit dréit.

D’Welt an där mir liewe gëtt méi komplizéiert.

Mir hu Krich an Europa an direkt niewendrun.

Mir hunn nei Spannungen a Muechtverhältnisser an der Welt.

Nei Onsécherheeten, an och nei Suergen.

Mee grad an esou Momenter muss ee sech kënnen openee verloossen.

A wat mech an all menge Gespréicher mat Leit aus dem ganze Land am meeschte beandrockt, ass genee dat.

D’Bereetschaft, Verantwortung ze iwwerhuelen.

D’Bereetschaft, sech fir anerer anzesetzen.

Eis Gesellschaft war ëmmer villfälteg.

An dat ass gutt esou.

Mee iwwer Generatioune gouf et ëmmer eppes, wat méi staark war wéi eis Ënnerscheeder.

D’Iwwerzeegung, datt mir nëmme weiderkommen, wa mir matenee schwätzen.

Wa mir een deem aneren nolauschteren.

Wa mir bereet sinn, gemeinsame Buedem ze fannen.

Wa mir gëeent si ronderëm gemeinsam Prinzippien a Wäerter.

Lëtzebuerg wäert sech ëmmer asetze fir Demokratie, Fridden, Fräiheet a Mënscherechter – fir fundamental Wäerter, déi e respektvollt a verantwortungsvollt Zesummeliewen erméiglechen, heiheem an an der Welt.

Dat ass net ëmmer den einfache Wee.

Mee et ass de richtege Wee.

Dofir ass eist Land och déif am europäesche Projet verankert.

Well Europa ass d'Iddi, datt Zesummenaarbecht méi wäit féiert wéi Konfrontatioun.

A wat d'Welt ronderëm eis méi duerchernee geréit, wat eis Fräiheet, eis Sécherheet an eis Handlungsfäegkeet ëmmer méi Zesummenaarbecht mat eisen europäesche Partner erfuerderen.

Mir hunn d'Chance, an engem Land ze liewen, dat trotz ënnerschiddleche Meenungen ëmmer nees beienee fënnt – e Land, eng Demokratie, déi ënnerschiddlech Meenungen net just toleréiert, mee als gutt an noutwenneg begréisst.

Dat ass e Privileeg.

An et ass eng Verantwortung.

Net fir alles ze erhalen, wéi et ass.

Mee fir dat Bescht vun deem, wat eis staark gemaach huet, weiderzeféieren.

Op dësem éischten Nationalfeierdag zu Éiere vum Grand-Duc Guillaume gëtt et vill Grënn, mat Vertrauen no vir ze kucken.

Net well d'Welt méi einfach ginn ass.

Mee well ech iwwerall am Land an an Europa Mënsche begéinen, déi bereet sinn, hire Bäitrag ze leeschten.

Fir hir Familljen.

Fir hir Veräiner a Gemengen.

Fir eis Gesellschaft.

Dat ass d'Stäerkt vu Lëtzebuerg.

Dat ass e Grond fir Vertrauen.

An dat ass och e Grond fir haut ze feieren.

Vive de Grand-Duc.

Vive déi ganz groussherzoglech Famill.

Vive Lëtzebuerg.

Vive Europa.